



Denken a Gedenken

De Gebuertsdag vun eiser Grande-Duchesse Charlotte war bis an déi 50er Joeren dat, wat mir haut als Nationalfeierdag feieren, den 23. Januar. Mat hirem Accord guff déi Feier dann – wéinst der Aus-sicht op bessert Wieder – op den 23. Juni verluecht... dat sinn an déi 70 Joer, a ganz vill vun äis wëssen der dat natierlech net méi. **Déi grouss a sympathesch Madame hat dat verdéngt, well ouni si wier esou munneches téscht 1919 an 1945 hei a mat äis anescht verlaf.** Hirt Monument op der Clairefontaineplaz huet si méi ewéi zegutt; si war selwer a battere Joere praktesch e Mo-nument fir d'Lëtzebuenger!

Hei dierf een sech ower vläicht eng Fro erlaben: **Wat ass den Ënnerscheid téscht engem GEBUERTSDAG an engem NATION-ALFEIERDAG?** ‚National‘ hun d'Lëtzebuenger fir d'alleréisch – an zwar schréftlech! – den 10. Oktober 1941, Stéichdag vun deem als Personenstands-auf-nahme getarnte REFERENDUM dem Nazipreis de Kapp ënner allméigleche Gefoeren duerg-hal. Dat an de Streik vun 1942 waren déi eenzeg Mëttelen, déi äis als butzeg Vollek méig-lech waren... mä si hunn äis uechter d'Welt Respekt an Unerkennung op all Manéir bruecht!

No dese puer Iwwerleeungen, ouni apaart vun eiser Sprooch ze schwätzen – déi dobäi eng Haaptroll gespillt huet – dierf een sech da vläicht froen, **ob mir net sollen e beson-neschen Dag fir eis DYNASTIE aféieren an en eegene Feiertag fir d'NATION,** an zwar den 10. Oktober, op deem sech d'Lëtzebuenger NATION mat hiren historiesch exakte Rechter kënn bedenken... a bedanken.

Sou wéi et haut mat eiser Sprooch ausgesäit, kann een nëmmen de Kapp vrun Zwei-welen iwwer hirt Bestoen a Weiderkomme rëselen. Mir vun der ACTIOUN LËTZEBUER-GESCH waren, sinn a bleiwe bei eiser **Iwwerzeegung, datt d'Sprooch vum Land déi ass, déi mir um Mammeschouss geléiert hunn** an ënner äis schwätzen; et dierf ee roueg driwwer nodenken, wéi et ‚gaang‘ wier, wa mir souzesoen d'Gitt‘ net an d'Hand gehol hät-ten an ‚net ouni eis ‚AL-Schold‘ huet si och nach de Wee an d'Gesetz(er) a geschwënn an d'Grondgesetz (Constitution) vum Grand- Duché fonnt. Wien hätt dann dovu gedreemt wéi mir eis ACTIOUN 1971 gegrennt hunn...?

Et ass vrun allem net richtig, datt ëmmer erëm mat den ‚Auslänner‘ vis-à-vis vun eiser Sprooch gewéitscht gëtt. **Wa mir si selwer ‚an der Riicht‘ halen, da mécht si weider staark Wuerzelen a gëtt – vrun allem – vun de Leit aus anere Sproocher respektéiert.** Ëmfrot iech och emol, wéi et sech mat de Lëtzebuergeschcoursën huet... eng Plaz ass do praktesch net méi ze kréien... et gëtt Dausenden an Dausenden Intressenten iwwer d'ganz Land; dat ass e ganz daitlecht Zeechen.

Eis Sprooch a Gefor? Sinn der net zevill vun äis selwer... a ‚Sproochgefor‘?!

Eng ‚Unzuel‘

Dat ass deer daitcher Ausdréck een, deen sech **wéi en Ouereschlëffer an eis Sprooch eragekruwwelt** huet, aplaz ‚eng Partie Leit‘, ‚en etlech Leit‘, ‚eng (grouss) Zu-el‘... mä op kee Fall déi ‚Unzuel‘. Mir froen äis einfach emol, wéi dat dann z.B. am Fran-séschen oder Englesche wier. Do gëtt einfach vun ‚un nombre‘/a number‘ ge-schwat. ‚Unzuel‘ ass am Lëtzebuergeschen, wat een op daitch en ‚Unwort‘ giff nen-nen. Wou ass dann elo de Problem? Mä ganz einfach bei eise Leit um Mikro! Do brä-icht een eng Zort vu ‚Supervioun‘... ower dovu schwätzen oder schreiwen, dat ass jo ewell bal e ‚lèse-journalistes‘ geldir.

Nach méi krommenoleg ass et, wann déi koppeg ‚Unzuel‘ dann och alt erëm am Dictionnaire d'Nues weist, dee jo dann elo praktesch offizielle Status huet. Leider.

Offiziell

Den Här Regierungscommissaire fir eis Sprooch Marc Barthelemy huet dem CPLL (Con-seil Permanent fir d'Lëtzebuenger Sprooch) dëslescht **eng laaang Lëscht vu Ponk-te presentéiert, déi an den nächsten 2 Generatiounen solle ‚behandelt‘ ginn**, dat vrun allem, fir datt eis Sprooch en zolitte Stack fir eis typesch Identitéit soll sinn/ginn/bleiwen. Déi Lëscht ass esou struppvoll vun Iddien a Virschléi, datt esou-guer ‚al Kämpfer‘ sech es net zoukommen.

All eenzele vun deene puer Dose Ponkten ass/gëtt e Programm; eng Partie iw-werschneiden sech a kënnen an déiselwecht Rei gesat ginn; si dierfen op kee Fall ma-teneen op de Leescht gehol ginn, nom Spréchwuert: Zevill an net genuch si keng Moos-sen! Oder: Zevill zerräisst de Beidel.

Bei deer Initiativ muss op jidfer Fall eent ganz uewe stoe bleiwen: **Eis Sprooch muss ‚bei de Leit‘ hire Wert hunn a behalen, net vun egal watfir iwwerflësse-gem ‚Gedäitschs, Gefranséisch, Geenglischs, iwwerdubbelt ginn.** Si ass u sech esou villwerteg a räich... datt mir äis dees dacks selwer net bewosst sinn, äis es esou-guer net zoukommen. Ganz dacks gebrauchte mir am Lëtzebuergeschen Ausdro-cksweisen aus anere Sprooch, déi ower an eiser Sprooch eng aner Bedeitung hunn...ou-ni datt mir et selwer anuecht huelen; am Fong e ‚Fach‘ fir sech: d'Lëtzebuergismen.

vum Lex Roth



Sprooch/e léieren

Eng Sprooch léieren, **dat kann/soll een op d'mannst vun zwou Säite kucken: déi ‚na-tierlech‘ an déi didaktesch/schoulméisseg.** E Kand kennt dach bis 6 Joer kee Buch a keng Grammatik; et léierert – ënner normalen Ëmstänn – déi Sprooch schwätzen, déi a sengem Ëmfeld gebraucht gëtt. Et ass ee paff, wann ee matkritt, wéi séier datt dat bei deenen allermeeschte geet!

Dann dierf ee sech och froen, wéisou datt Leit, déi z.B. keen Donst vun Englesch ha-ten, sech ganz gutt a séier mam Engleschen an Amerika erëmgeklappt hunn; och hei op eng ‚natierlech‘ Manéier. **Dat weist kloer drop hin, datt d'Schouffassung net déi eenzeg ass, fir sech an e friemen Idiom eranzeschaffen...** soll ower och net géint des Manéier geduecht sinn; just net iwwergang a vergiess ginn.

Datt mir haut Dausenden an Dausende vu Leit an eise Lëtzebuergesch-Coursën hunn, ass eng immens Saach... fir déi mat äis an de 70er Joeren zimlech den Uz ge-maach gouff, wéi mir um Lampertsbiere domat ugefaang hunn. De Grondgedanke war deen, de Leit e ‚Pad‘ an eis Sprooch opzeman an si dann ‚dabberen‘ ze din, net on-bedéngt fir direkt ‚gutt‘ Lëtzebuergesch ze schwätzen. Et ass eng Freed, wann een haut – no 50 Joer! – nach Dammen an Häre begéint, déi richtig ‚flott‘ schwätzen... da war eis Uluecht also net esou dolaanscht. Schoulleit kënnen iech och soen, wéi schätzeg Kanner eis Sprooch léieren, déi aus der Belsch, Frankräich oder England an eis Schoulhäff katapultéiert ginn; gewëss, haut sinn dat der vill méi wéi soss; den ‚Ter-rain‘ bleibt ower deeselwechten.

Eng ‚Mondart‘?

D'Wuert seet et am Fong selwer a **kënn och ‚Schwätzart‘ heeschen;** dat vis-à-vis vun enger Sprooch, déi och geschriwwen gëtt. Am 19. Joerhonnert, also der Zäit vun Dicks-Rodange-Lentz –Diedenhoven asw. war d'Lëtzebuergesch am breede Sënn jo eigentlech och nach keng Sprooch. Si an e puer anerer hunn de Stack vun deer Si-tuatioun gemaach, op deem dann dat gewuess ass, wat haut esouguer legislativ d'Sprooch vum Land ginn ass.

Dee ‚geléierte‘ Wee huet den Nik.Welter opgemaach, an eng Partie anerer hunn ‚d'Gestécks‘ bäigeluecht, fir eng – wann och nach esou kleng – Strooss draus ze ma-chen. **Haut kann ee roueg behaupten, datt d'Lëtzebuergesch an der Rei vun de GE-SCHRIWWENEN Idiome steet;** natierlech net ganz virbäi, ower ëmmer méi!

Mir müssen dozou kommen, datt et ëmmer méi ‚normal‘ gëtt, eis Sprooch och ze liesen. Haut ass wierklech genuch ‚Lieses‘ do! Dosenden an Dosende vu Bi-cher vun allen Zorte vun Niveau. D'Haaptroll spillt ganz kloer d'Schoul, egal op wat-fir engem Träpplek; eng Gewunnecht mécht sech dach vrun allem an de jonke Joe-ren, dat ower **net nëmme mat sprocker Grammaire a sturer Schreifweis, mä mat normaler Lies-Praxis.** Déi soll eng Haaptroll bei all deem spillen, wat déi nächst Joe-re fir Lëtzebuergesch an der Schoul geplangt gëtt!

Majo dann...

Eng weider kleng Lëscht vu lëtzebuergesche Sprochbeispiller, fir emol ze probéieren an d'Daitch oder Franséisch ze iwwersetzen. A mir fueren nach eng Partie Num-mere weider ☺

Deng Hänn si knaschteg wéi e Greef.

Ech war esou daitch, ech konnt net méi.

De rosene Wuerm deet fatzeg wéi.

De Roff ass erof; elo bässt et.

Deen anere Sonndeg gi mir stëmmen.

De Josy ass eng liddereg Schlofkap.

Den Heng schluppt wéi eng Onk.

Firwat héisst de Will esou?

Du hues dëslescht esou knaschteg gelaacht.

Gëff dech matzäit op de Wee.

Ech sinn denges Gesouers midd.

Gëff deem emol e ferme Fouss hannebäi.

De Misch ass e flappege Bëlles.

Ech krut eng ferm op d'Bëls.

Mäi rosene Papp huet mech lassgezun.

Do hues du mir eng opgehaang.

Maach dech dach net esou.

Ech guff fatzeg vernannt.

Ech ginn dem Hick senger net lass.